# Diddeléng a schwéieren Zäiten

Preisesch Okkupatioun <u>vum</u> Bataméen (KZler + Pris.)

Mir hate jo gesot dass een d'preisesch Okkupatioun am 2te Weltkrich a 5 grouss Episoden kann andeelen, dat heescht wat déi grouss Krichsverbriechen vun de Preisen zu Lëtzebuerg betrefft. Déi éischt war d'Evakuatioun - Dunn d'Aféierung vum obligatoreschem Wehrdingscht an der deitscher Wehrmacht an d'Ëmsiedelen vu lëtzebuerger Famillen. Haut erënnere mir un d'Ospären vu Lëtzebuerger a KZler a Prisongen.

Sou knapps ware mat den éischten Wehrmachtstruppen och d'Gestapo an Land komm och schons déi éischt Lëtzebuerger verhafft. Aktif Memberen vun der preisescher 5ter Kolonn hei zu Lëtzebuerg hu schon virum Iwerfall den 10 Mee 1940 ~~ste~~ Löschten opgestallt vu ~~franko~~ franzéisch frendlech Lëtzebuerger respektif Lëtzebuerger déi sech géingt d'Nazionaldeitsch Land gestallt och geäussert hun. Verschidde vun dese Persounen ware scho gewarnt respektif konnte sech virstellen wat mat hinne géif geschéien wann Däitschland ~~Hauptstadt~~ d'Soe zu Lëtzebuerg kritt. Sie hu sech ~~ouer~~ gleich den 10te Mee aus dem Steps gemat, a Frankreich geflicht an net méi zeréck an d'Land kom. Aner déi net rechtzäiteg méi fortkummen oder riskéiert hun heize bleiwen gouwen déi éischt Verhafften.

Zu Lëtzebuerg hate mir 1940 nemmen ee Prisong, ausser Giveneech an Verwarsdounen fir Jugendlecher, an zwar ~~an~~ ~~fon~~ der Staat am Grund, Männer a Fraeprisong. Des Haftanstalt gett natierlech gleich vun den deitschen Autoritéiten iwerholl. Donieweend installéieren d'Gestapo also d'Geheime Staatspolizei ~~sech~~ awer zu Esch an der Villa Gebr. Seeligmann an an der Stat an der Villa Pauly. Hei passéiere bal all Verhafften, an dees zwéi Haiser bleiwen an alles schlechter a grausamster Erënnerong am Gedächtnes vun de Lëtzebuerger a besonnesch vun deenen déi do passéiert sin. Am Kader vun desen Emissiounen kenne mir net op all déi Grausamkeeten an Ongerechtechkeeten agoen déi an dese ~~Pris~~ Verhéieren, Prisongen a KZler geschitt sin. Mir wöllen awer weisen un Hand vun Quelen a Nimm vieuill deser Folterhäuser a Platzen et an Deitschland gouw fir all déi Leit ze martiriséieren, zu Kreppele schloen, eenbrechen a Vergewaad hun, déi net mat hinnen

d'accord waren. D'Verhaftung u sech war e Krichsverbriechen, well d'Preisen hate kéi Recht aus freie Lëtzebuerger Bierger gefängech Naziën ~~wollen~~ wellen ze machen.
Obschon kéng genau Zuel vun all dese Verhafteten bekannt ass, kann een awer schätzen dass méi wéi 3000 Lëtzebuerger an irgend enger Form ~~dass~~ vun desen Ommenschen drangsaléiert gouwen.
A ganz Deitschland gouw et ronn 100 Prisongen. An 71 vun dese Prisongen waren een oder méi Lëtzebuerger fir ~~ennerschiddlech~~ ennerschiddlech Zeiten inhaftéiert. An desen Zuelen sin d' KZ'er an déi sougenannter Moorlageren, net agerechent.
Losst mer ~~[illegible]~~ emol de geweenlechte Wee vun enger Verhaftung skizzéieren.
Verhaftung doheem, an der Strooss oder op der Arbechtsplaz. Ass een der Untersloch ~~eng~~ eng péir Polizei oder ~~G~~ Gendarmerie Arrestzell, fängt de ~~Wé~~ Verhaftungswee bei un. Dono Transport an Gestapozentralen Haus Seligmann ~~[illegible]~~ zu Esch oder d'Villa Pauly an der Staat. Hei fänken dann eischt sérios Verhéieren un. Geweenlech mat Stonnelang Stoen mat der Nues widder der Mauer. Begleet een ass de Schlag mam Knëppel prompt do. Dann de Verhéier am Büro vu engem oder méi Gestapoman. Ass d'Antwort net wei so dem Gestapoman gefellt, falen déi eischt Streech an de Réch, d'Niere gegenden, meeschtens an d'Gesicht. Ohni blo Plazen, bluddeg Nuesen, blo Aen, an ausgeschloen Zänn kennt keen dervun. Dann erem separéiren an eenzel Zellen. Deen aneren Dag erem déi selwechten Cenario. ~~Dat~~ Dat kann e puer Deeg esu viru goen. Stellt et sech eraus dass et bei deem Verhafteten wierklech em en Irrtum handelt kann en d'Chance hun vun hei aus nees heem ze kommen.
Fir déi allermeescht féiert de Wée awer an de Prisong an de Frons, a vun do op Hinzert. Hinzert ~~ass~~ e Begreff fir d'Lëtzebuerger ginn, ~~dann~~ et gouw weider als e KZ ausgebaut. Zu Hinzert sin ronn 1450 Lëtzebuerger männer passéiert dovunner <u>38 Doddelenger</u>
Also 38 Doddelenger Männer hu méi oder wéneger lang d'KZ Hinzert erlieft.
Mir misten ob deser Plaz e puer Explikatiounen iwert déi verschidden Säiten vun ~~de~~ enger Verhaftung gin. Déi eischt dat war emol déi gesetzlecht. Et kount wéi scho virdrun gesot

deem Betreffenden neischt däitschfeindlech nogewise gin, an dee gouf hien erem frei gelos, oder an aner Wierder mees heem geschéckt.

Dat nächst war eng Verurteelung. Dat huet bedeit dass ee virun e Geriicht gestallt gouf wou d'Riichter dann en Urteel gesprach hun. Doraus ergouf sech e Strofgefange an déi Betreffende koum fir déi bestëmmten Zäit an e Prisong. Oder e gouf zu enger Zuchthausstrof condamnéiert an domadde gung sei Wée an en Zuchthaus. Wann déi Verurteelten awer en Zwangsrekrutéierte war gouf et och nach Verweisen an eng Strofkompanie.

Et gouf nach eng Zort vun Haft oder op Lëtzebuergesch "Aspäeren". Dat war d'Schutzhaft. Heifir huet et kee Geriicht braichen ze gin, mä déi Betreffende sinn einfach a Schutzhaft geholl ginn an dat war dann meeschtens a KZen. Ähnlech konnt och eng Untersuchungshaft ausgesin. Des Untersuchungshaft konnt, méint oder Joren daueren, wann an der Tëschenzäit den Inhaftéierten net u Krankheet, Unterernährung oder doutgeschlo ~~gouf~~, gestuerwen war.

D'Preisen, an dat ob héchstem Niveau, also vun Hitler, un, iwert Himmeler a Konsorten,
sie hate sech ~~so~~ an hirer Bestialitéit nach e schlëmmert Schicksaal fir Verhafteten aus geduecht. Dat waren déi ~~NN Häftlinge~~ Nacht und Nebel Häftlinge, ofgekierzt N N Häftlinge. Des Art vu Strof war hapsächlech fir Resistenzler an de besate Gebidder geduecht. ~~D'Absicht war déi dass de Verha~~ Wéi zum B. a Frankräich, Belgien, Holland Norwegen an Ostlänner. D'Absicht war déi, dass de Verhafteten einfach verschwonnen sinn. Séng Famill Frenn a Bekannten woussten net wat mat him geschitt ass. Waare schon doud oder huet hien nach geliewt. No waren ~~en~~ dann a wat war sei Schicksaal. Dëst huet natierlech äusserst bedréckend op séng Bekannte gewierkt, mä och op hien selwer. Hien konnt net schreiwen an e Liewenszeechen vu sech gin. Virtuell ware hien praktesch doud.

Ew Häftlinge waren am Prisong Sonnenburg, do wou an der Nuecht vum 30ten op den 31 Januar 1945 ~~91 Lëtzebuerger Refraktären~~ 819 der ~~...~~ vun der SS erschoss gouwen an doruenner 91 Lëtzebuerger Refraktären. Sie ware kéing NN Verhaften a kéiner zum Dood verurteelt,

mi zu ~~15~~ 5 a 15 Joer Zuchthaus a waren dofir ~~am~~ ~~de~~ Emsland an der Moorlageren ënnerbruecht. Hir Pech war dass, nodeems d'Westfront ëmmer méi no un d'Emsland erukoum si ob Sonnenbuerg bäi Slonsk verluecht gouwen, wo se mat deen aneren erschoss gouwen.

Eng aner Prisong wo vill Lëtzebuerger waren, war an Prisong zu Wittlech. Hei sin der am ganzen 1063 passéiert. ~~Hei~~ Si si allerdings net bei bliewen mé gouwen entweder erem frei gelos oder kummen zeréck an de Prisong an de Fronn. Aner ~~of~~ an d'KZ ter Hinzert – Natzweiler – ~~Prisong Ziegenhain~~ Mauthausen – Buchenwald – Ravensbrück – ~~Dach~~ Dachau oder an ~~d'Prisongen~~ d'Zuchthaus Ziegenhain oder an de Prisong ~~an~~ Tréier fir dës nëmmen ze nennen.

D'Fraen an d'Meederchen sin meeschtens an d'Prisongen respektif d'KZ Ravensbrück, Allendorf a Flussbach kom. Als Diddelénger kennte mer notéieren d'Madame Andreata an d'Jofferen Josephine a Marie. Dann dei Dammen Benoit Marie (Benoit Jos sing Mamm) Berg Marie (dem Berg's Benn sing Mam) Carmes Marie (fleit besser bekannt fir dei Eeler 'd'Witfra') Hoffmann Margot an Zigliani Elise.

Ufangs vun dëser Sendung hate mir jo gesot dass d'Gestapo gleich Lëschte vu Lëtzebuerger matbruecht hate, dei hinnen net gefall hun. Dës Personnen ~~Si~~ hun also, no ihr preisescher Opfassung ~~hinnen~~ esou séier wéi méiglech aus dem Verkéier misse gezu gin. Op dese Lëschten stungen och dei Lëtzebuerger dei am Spuenie Krich freiwëlleg bei de roude Brigaden géingt de Franko gekämpft hun an deemno och géingt den Hitler a Musolini. An onsen Emissiounen op R.D. iwert de Spuenie Krich hate mir schon erwiengt, dass esoubal d'Preisen hei waren dës Freiwelleg verhaft gouwen. Als Diddelénger ~~[illegible]~~ gouw schon de 7ten August 1940 de Caro verhafft. Dei selwechte Mount de Baglioni, den Nubolee, de Brazzorotto de Bacciotti, de Briscolini an den Toschi. Am Mäerz 1941 gouw den Tassi verhafft. Hien war mat senger Famill an d'Stad geflemmert an duet zu Tréier geschafft. En italieneschen Faschist hat hien bei der Gestapo ugezeigt. Zesummen mam Tomassini, dem Capitani, dem Borsaro an dem Ferenzena si sie an Handschellen den Italiener um

Brenner ausgeliwwert gin.

De Flengels Michel gouf den 6 November 1940 verhafft. De Joaquin Henri an de Manderscheid zesummen mat ~~wel~~ nach 4 aner den 11.te November. Am ganzen waren an deem Mount mindestens eng 10 Volontären verhafft gin. D'Gestapo mecht eng Auswiel ennert deene Verhafften. En Deel kent erem fräi. Aner kommen am Dezember 1940 an de Prisong op Tréier. De Joachim Henri bleiwt bei 6 Méint. Den Toschi sëtzt 5 Méint. 1942 reklaméieren d'Italiener hien a spären hien während 5 Méint an de Prisong zu Cremona. Den Cesarini Marcel land zu Dachau a gett zu Auschwitz ëmbruecht. Ufangs Februar 1941 kent den Felten Jean Pierre mat sengem Frend Prim an d'KZ Dachau; iwwerlieft d'KZ a stierwt mat 51 Joer.

Wivill Diddelenger vum 10 Mee 1940 bis den 10 September 1944 vun de Preisen aus irgend enger Ursaach verhafft gouwen a Prisongen a KZ'en sutzen ass ons net genau bekannt. Schued dass an der Nokriegszeit keng Organisatioun bei zu Diddeleng eso eng Opstellung gemaacht huet. Et sief dann dass sie awer existéiert a mir wäre frou wa mir déi kéinte kréien fir bei ons R.D. zousätzlech Informatiounen kennen ze gin. Am Buch iwwert d'KZ Buchenwald konnt mir folgend Diddelenger ~~Inf~~ déi do waren notéieren: Babkowsky - Berend Eugène - Briever Georges - Bruch Turm - Diederich Jean Jacques - Hardy Victor - Raach Robert - Schilling Francis - Taverna René a Wealer Gerard. Ausser dese Personnen waren och do den Cesarini Marcel dé jo vun do op Auschwitz kom wé ëo grad gesot an den Reisen Mett zu Sachsenhausen erschoss.

X 5a → Op der Marber Tafel am Columbarium um Diddelenger Kierfecht sin déi 10 Nimm agraweiert vu Patrioten déi an der KZ'er ëmkommen oder do erschoss gouwen.

Hiren Numm bleiwt fir ëmmer do festgehalen fir dass kommend Generatiounen sech kennen erënneren wéi heier zu Diddeleng sei Liewen fir d'Fräiheet vun eiser Heemecht gin huet. Vill aner sin awer duerch déi schrecklech Prisongen a KZ'er gangen an hun do onmenschleches erlidden. Gottseidank hate sie eso eng gudd Natur dass trotz allem Zerschloen, eenzel aspären, Honger a Keelt, Messhandlungen a Schikanéiere sie

Aus den Revuen Raffel vun der LPPD konnte mer folgend Informatiounen eraus schreiwen: ~~Am~~ d KZ Dachau lu folgend Diddelenger Personnen iwerliewt:

Brouck Antoine; dien war virdrun och am KZ Buchenwald

Demarchi Victor

Diederich Jean och den Diederich Jean Jacques war zu Buchenwald

Feltes Jupp richtegen Numm Feltes Jean Pierre e Spuenie Kämpfer schon ernimmt

Gedgen Camille, virdéischt engesiedelt a vun do an d'KZ

Gindt Georges

Gruenich Jean

~~Hammelmann Jos och zu Mauthausen~~

Hildgen Roger ~~als~~ onse jetzege President vum Sydical d'Initiative

Hoschet Nic – Kass Jean aus der Freiwellege Kompanie – Kries Léon – Lougari Jos

Schmit Camille – Scholer Jules – Strief Jean an Thill Fernand –

Deen eenzegen Diddelénger deen vum KZ Dachau emkum war de Wirtz Pierre

Aus dem KZ Mauthausen sin déi folgend Diddelenger nees heem kom:

Den Hammelmann Jos déi virdrun zu Dachau war – De Majerus Jean

De Reisen Jos (1902 gebuer also) net ze verwiesselen mam Reisen Mett aus der Freiwellege Kompanie deen erschoss gouf – Zu Mauthausen ass keen Diddelénger emkom

iwwerlieft hun. Iwwer déi onmënschlech Behandlungen an desen KZter a Prisongen kenne mer hei net emol a grousse Détailer agoen.
Wien dat wëllt noliesen kann dat an deem klenge Bichelche maachen wat de Jängi Fohrman Ett 1946 geschriwwen huet mam Titel "Aus deutschen KZ" am Escher Tageblatt gedréckt. De Jean Fohrmann fréiere Buergermeeschter bei zu Déidoleng an Déportéierten war mat senger Fra an 2 Meedercher a Schlesien ëmgesiedelt. Hei goufe hien verhaft a kum an d'KZ Gross-Rosen. Am KZ erliewt hien déi bekannt Grausamkeeten an Erniddregungen wéi all Häftlingen an och an desem Buch beschriwwen.
Am Januar 1845 fänkt déi grouss russesch Offensiv un an d'Preisen raumen hier KZ a fir a mesur wéi d'Front avancéiert. D'Parol heescht: Keen Verhafteten dierf de Russen an d'Hänn falen. D'Transporter vun ëngem KZ an dat anert iwwertreffen nach all Grausamkeeten wéi se an de Lager waren. A bitterer Keelt an déiffe Schnéi mussen déi ausgemergelt Persounen ouni Verfleegung a Schutz, ouni Schong a Mantel bis zu 60 klm am Dag marschéieren. Wobal een ëmfällt oder zeréckfällt ass en SS Mann do mam Tonderschoss. Zu Honnerten leie se laanscht Strossen wou déi Trécker duerch gezunn sin. Och d'KZ Gross-Rosen muss evakuéiert gin an zwar per Eisebunn.
De Formann schreiwt: "Die Waggons sind nachts angekommen. Alles offene Kohlewaggons in welche man uns zu 80 bis 110 einpferchte. Während 3 Tagen und 3 Nächten ~~müssen~~ werden wir nun so eingepfercht, vollständig der Witterung ausgesetzt, aushalten müssen. Einer liegt auf dem anderen. Viele springen in voller Fahrt aus dem Zug und bleiben zerschellt auf den Schienen liegen. Die SS schiesst auf Flüchtlinge oder liquidiert Unliebsame im Waggon. Tote aus dem Waggon werfen geht nicht, also bleiben sie liegen. Wir treten und trampeln auf ihnen herum."
Vun Gross-Rosen kommen déi nach iwwregbliwwe KZler an d'Lager Hersbrück wat 30 klm vun Nürnberg ewech leit. Nürnberg gett andauernd bombardéiert an d'amerikanesch Flieger sin ëmmer do. De 14ten Abrell 1945 ~~muss~~ verléisst och de Formann zesummen mat 600 Mann Hersbrück. Während 16 Deeg marschéiere se all Dag 25 bis 30 klm.

Eemol eropper 45 klm. Tiefflieger sausen iwwert sie ewech, schéissen awer net, well se mat wäissen Dicher wénken a sie un dëser KZ Kleedung erkennen. Den Honger an Duuscht gëtt schlëmmer a schlëmmer. Eenzege Kascht 4 bis 5 Pellkartoffeln a wann's de Chance hatt och emol en halwe Liter Zopp oder eso eppes ähnleches. Wat de Formann weider schreiwt as eso grausam dass mir et hei net in eenzelnen ze gi kennen. Den 2te Mee hält och hien et net méi aus an desertéiert fortzelafen. Am Duercherneen gelengt him och sei Fluchtversuch a kennt an e Bauerenhaff. Och de Bauer fäert d'SS déi op alles schéisst wat hinnen net gefällt. Hien kritt ~~awer~~ Mëllech an eng Schmier dierf awer net ze bleiwen. Bei engem anere klénge Bauer dierf hien an der Scheier schlofen a gëtt gewuer dass d'SS am Duerf 9 KZler fonnt haten déi och fortgelaf waren an aller 9 erschoss. Hie begéint hien Franzosen déi ~~och~~ bei him am Transport waren. Sie erzielen dass mat mir 12 anerer mat fortgelaf waren. 9 gounnen erwëscht an erschoss. Ech war bei deenen 3 Glécklechen déi sie net fonnt haten. Den 3te Mee kennt hien bei den Urbauernfalter. Déi gin him Zivilkleeder an endlech emol en einigermassen normalt Iessen. No 2 Deeg sin d'Amerikaner do.

Hei well mir mat dem jénge Formann sénger Erzielung ophalen. Dest war net déi grausamst a fangelaadst Episod aus den KZ Liewen. Et ~~war~~ as nach vill schlëmmer hiergaangen. Awer et as net den Objet an Zil vun dësen Emissionen.